ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 22. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Am Joer 2018 sinn 9024 Zich ausgefall. A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro (N°563) zielt den Här Mobilitéitsminister ënnerschiddlech Ursaachen op am Hibléck op d'Problematik vun den Zichausfäll: Et ginn ënnert anerem extern Grënn, Virfäll, déi vun Drëtt-Persoune verursaacht ginn, d'Asazbereetschaft vum Rullmaterial an d' Problemer um Schinnennetz genannt.

Mir ass zougedroe ginn, datt awer och dacks personaltechnesch Grënn (gemengt ass d'Personal vun der CFL) fir d'Ausfale vun den Zich verantwortlech sinn. Et ass evident, datt den Zuchausfall fir de Benotzer vum ëffentlechen Transport mat enger entspriechender Frustratioun verbonnen ass an et ass dofir leider net ëmmer novollzéibar, firwat nieft de méi techneschen Ursaachen och um Niveau vun der Personaldisziplin an deem Mooss Problemer bestinn.

An deem Kontext géif ech den Här Minister bieden, mir déi folgend Froen ze beäntwerten:

1. Wat sinn déi genee Ursaache vun de personaltechnesche Problemer, déi zu den Zichausfäll féieren?
2. Wéi dacks waren am Joer 2018 personaltechnesch Ursaachen de Grond fir den Ausfall vun den Zich?
3. Wéi gedenkt den Här Minister konkret virzegoen, fir därer personaltechnescher Problematik vun den Zichausfäll entgéint ze steieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten